PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Affiliéiet bei der FLPA
Fédération Luxembourgeoise de la Photographie Artistique

# Eis Aktivitéiten vum 24 September 2019 bis 17 Dezember 2019

***Dënsdeg, den 24 September um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack***

**RENTREE MAT ENGEM PATT VUM PRESIDENT**

No der grousser Vakanz ginn mir mat neiem Elan an de Hierscht wou och d'Saison ass wou vill Fotosconcoursen organiséiert ginn, vläicht huet jo deen een oder aner Biller ofginn an engem vun den Concoursen déi dir iwwert de ClubDesk geschéckt kritt hut. Bei engem gudde Patt kënne mir Resultater vun eisen Vakanzefotoen kucken, an zesummen iwwert Themen discutéiren déi mir an de Programm sollen ophuelen.

***Mèindeg, den 7 Oktober um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack***

**WORKSHOP LIGHTPAINTING**

Fir all déi beim Workshop *Lightpainting*, di lescht Kéier net konnten derbäi sinn, an ob Wonsch vun deen engen oder aner deen derbäi war an et flott fonnt huet géifen mir dat ganzt dann an gudder Ambiance dann nach mol mann. Fotoapparat, Stativ an wann méiglech Kabel oder Fernauslöser matbréngen.

***Dënsdeg, den 22 Oktober um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack***

**Workshop zur Technik vum Calibrage**

Dësen Workshop war am Juni wents der *Fête de la Photographie* an Waasser gefall, dofir huelen mir dat lo no. Detailer zu dësem Owend schéckt den Comité per mail Ufank Oktober un Memberen.

***Mèindeg, den 4 November um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack***

**PHOTO-Talk**

Denkt drun är Fotoen am jpg mat ze bréngen an se och richteg ze benennen:

**also Nummer_Familiennum Virnumm**
**( zum Beispill 1_Musterman Germain )**

Mir discuteiren awer och iwert een intressant Thema, ***NUETSFOTOGRAFIE,*** well mir den 19 November zesummen eng Sortie maachen, sou dass mir eis optimal kennen ob deen Owend virbereeden.

***Dënsdeg, den 19 November um 19:00 Auer***
***SORTIE NOCTURNE***

Detailer zu dësem Owend schéckt den Comité per mail Ufank November un Memberen, mir sinn awer och ob fir all Propositioun wou mir flott Nuetsfotoen kéinten maachen.

***Mèindeg, den 2 Dezember um 19:30 Auer***
***an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack***

**PHOTO-Talk**

No der Nuetssortie ass dësen Owend eng gutt Geleeënheet déi Biller zesummen ze annaliséiren an deen een oder aner Trick ze leieren wei een déi Nuetsobnahmen am beschten verschafft.

SAVE THE DATE

***Freides, den 6 Dezember***
***Vernissage vum Salon National zu Sandweiler***
***Centre Culturel Sandweiler***
***20, rue Principale***

Détailer an Auerzeit vum Vernissage krit dir iwer mail gescheckt

***Dënsdeg, den 17 Dezember um 19:00 Auer  SORTIE OB DE CRËSCHTMAART***

No der Nuetssortie wou mir vill flott Fotoen gemaach hunn géifen mir dësen Owend méi relax ugoen an eis méi ob Iessen an Drénken um Chrëschtmaart fixéieren, eng gutt Geleeënheet är Famill oder Frënn deen Owend mat ob den Tour ze huelen.

De Comité wënscht iech an ärer Famill schéin Feierdeeg, dass mir eis gesond a monter am neie Joer erëm gesinn